Groupe parlementaire

Depot: Alexandra Schoos
PL 7642

2

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- mam Gesetzesprojet 7642 eng Rei néideg a wichteg Moderniséierungen am nationale Mietrecht virgeholl goufen;

ass sech bewosst, datt:

- d'Colocatioun en neit Element an der Lëtzebuerger Gesetzgebung duerstellt;
- déi praktesch Auswierkunge vun dësem Gesetz opgrond vum entspriechenden Erfarungsmanktem aktuell schwéier anzeschätze sinn;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Gesetz iwwert d'Colocatioun no 24 Méint, zesumme mat den Acteure vum Terrain, op seng praktesch Auswierkungen hin ze iwwerpréiwen a wann néideg unzepassen;
- bei däser Evaluatioun e besonnesche Fokus op d'Wunnsituatioun vun den nationalen an internationale Studenten vun der Uni.lu ze leeën an ze préiwen, ob a wéi wäit e spezifesche legale Kader dozou bäidroe kann, dës um Wunnengsmaart beschtméiglech ze ënnerstëtzen.

SCHOOS ALEXANDRA